



Här Fernand Etgen
President vun der Chamber

Lëtzebuerg, de 26. Mäerz

Här President,

Esou ewéi den Artikel 84 vum Chambersreglement et virgesäit, biede mir Iech, dës drénglech parlamentaresch Fro un den Här Educatiounsminister weiderzeleeden.

Zanter e Mëttwoch a bis den 2. Abrëll leeft eng Pilotphas mat Schnelltester an ausgewielten ëffentleche Schoulen – mam Argument, et misst ee fir d'éischt analyséieren, wéi d'Duerchféiere vun dësen Tester sech op de schouleschen Alldag reperkutéiert. No der Ouschtervakanz sollen dann déi 120.000 Schüler a Enseignanten per Schnelltest op de Covid-19-Virus getest ginn.

Am Kontext vun dëser Approche wéilte mir folgend Froen un den Här Educatiounsminister stellen :

- Wéi vill Schnelltester huet d'Regierung spezifesch fir den Asaz am Enseignement fondamental a secondaire bestallt?
- Wëssend, dass an aneren EU-Länner Schnelltester schonn zanter Wochen am Asaz sinn, firwat gëtt hei zu Lëtzebuerg fir d'éischt e Pilotprojet gemaach, amplaz se direkt flächendeckend asetzen?
- Wéi ginn déi Tester no der Ouschtervakanz an der Praxis agesat ? Wien féiert den Test duerch? Mécht de Schüler dat selwer oder muss den Enseignant dem Schüler den Test maachen?
- Wéi vill Tester si pro Woch pro Enseignant respektiv pro Schüler virgesinn? A wéi engem Ofstand sollen déi Tester gemaach ginn?
- Sinn d'Regionaldirektiounen an d'Schoulcomitéen vum Fondamental respektiv d'Direktiounen vun de Lycéeën an och d'Léierpersonal am Allgemengen iwwer d'Schnelltester an de Schoulen vun no der Ouschtervakanz un a Kenntnis gesat ginn? Wa jo, wat gouf hinnen am Detail matgedeelt?
- Wat huet de Ministère fir de Fall virgesinn, wou Elteren net averstane sinn, datt hiert Kand oder hir Kanner sech soll(en) engem Schnelltest ënnerzéien? Wat bedeit dat konkret fir d'Kand, d'Klass an d'Schoul?

Här President, mir bieden Iech, eisen déifste Respekt unzehuelen.

Martine Hansen

CSV-Fraktionspräsidentin

Claude Wiseler

Deputéierten

Äntwert vum Minister fir Educatioun, Kanner a Jugend op d'parlamentaresch Fro Nr. 3957 vun den honorabelen Deputéierte Martine Hansen a Claude Wiseler

Ad 1)

Wéi schonn an der Äntwert op d'parlamentaresch Fro Nr. 3887 vum 18 Mäerz 2021 erwäant, sinn an enger éischer Phas 500.000 Schnelltester vun der Direktioun vun der Santé bestallt ginn, déi och an de Schoulen agesat ginn. No der Auswärtung vun der Pilotphas gëtt dës Commande nach emol un de Besoin ugepasst.

Ad 2)

Den Educatiounsministère huet sech dofir entscheet, fir den Asaz vun de Schnelltester fir d'éischt an enger Pilotphas ze testen, fir kënnen den Impakt op de schouleschen Alldag ze ermëttelen. An der Pilotphas gëtt zum Beispill analyséiert, wéi d'Schnelltester sech op déi aldeeglech Schoulorganisatioun auswierken, wéi de prozeduralen Oflaf vun de Schnelltester ass a wéi d'Logistik vun dësem Dispositif ze assuréieren ass. E flächendeckenden Asaz vu Schnelltester, déi d'Kanner selwer maachen, gëtt et an Europa nëmmen an Éisträich. Wëll den éisträichesche Schoulsystem an d'Schoulorganisatioun sech vun dem Lëtzebuerger Modell op ville Punkten ënnerscheet, kann dësen Dispositif net identesch ëmgesat ginn.

Ad 3)

An der Pilotphas ginn dës Erkenntnisser ermëttelt, an den Educatiounsministère informéiert no dëser Pilotphase d'Chamber iwver d'Conclusiounen an déi konkret Ëmsetzung.

Ad 4)

D'Regionaldirektiounen an d'Direktiounen vun den Lycéeën sinn iwver den Asaz vun de Schnelltester a Kenntnis gesat ginn. D'Conclusiounen vun der Pilotphas an domat d'Modalitéiten zu der praktescher Ëmsetzung vun de Schnelltester no der Ouschtervakanz kréien all Acteuren nom Ofschluss vun der Pilotphas matgedeelt.

Ad 5)

Den Dispositif vun de Schnelltester baséiert op der Fräiwëllegkeet, sou datt kee Schüler obligéiert ass, un dësen Tester deelzehuelen.